N°261
Entrée le 29.02.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet an vum Här Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil op d'parlamentaresch Fro n° 261 vum 1. Februar 2024 vum honorabelen Deputéierten Här Jeff Engelen an der honorabeler Deputéiert Madamm Alexandra Schoos.**

*1.Ass sech d'Madamm Minister deenen uewe beschriwwene Mëssstänn am Fleegesecteur bewosst, respektiv, besteet tëscht dem Gesondheetsministère an dem Fleegesecteur e reegelméissegen Austausch iwwert hir wichteg Aarbecht?*

D'Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet ass sech bewosst datt d'Aarbechtskonditiounen am Fleegesecteur oft ustrengend sinn an steet a reegelméissegem Kontakt an Austausch mat alle Bedeelegten.

*2.Wat gedenkt d'Madamm Minister ze ënnerhuelen, fir d'Fleegepersonal an där Hisiicht ze entlaaschten, datt dëst net permanent an der Ausübung vun sengem Beruff mat rechtleche Konsequenze rechne muss, wann dës Leit duerch Ëmstänn, op déi si dacks keen Afloss hunn – z.B. Personalmankten – hirer Aarbecht net wéi virgeschriwwe kënnen nokommen?*

Dem Ministère fir Gesondheet a sozial Sécherheet gi seelen Doléancën zougestallt datt d'Fleegepersonal senger Aarbecht net wéi virgeschriwwe kéint nokommen. Déi Doléancën déi dem Ministère zougedroë ginn, ginn dann och direkt traitéiert a mat all Acteur d'Ursaachen diskutéiert fir eng Léisung ze fannen.

*3.Am Hibléck op d'Trennung vun de Kompetenzen tëscht Auxiliaires-de-vie an Aide-soignants : Wéi ass et an de Ae vun der Madamm Minister ze veräntwerten, datt d'Auxiliaires-de-vie am Alldag drop ugewise sinn, Tâchen auszeféieren, ewéi z.B d'Benotze vun den Heberen, déi si rechtlech gesinn net däerfen ausféieren?*

Dem Ministère fir Gesondheet a sozial Sécherheet leie keng Donnéeë vir déi di Ausso géife bestätegen.

*4.Wéi gedénkt d'Madamm Minister an deem Kontext den Auxiliaires-de-vie entgéintzekommen, fir hinnen eng komplett Rechtsécherheet beim Ausübe vun hirem Beruff ze erméiglechen?*

Di verschidde Beruffsbiller vum Fleegesecteur sinn am gaang nei formuléiert ze gi fir d'Rechtssécherheet ze garantéieren.

*5.Wier et an den Ae vun der Madamm Minister net ubruecht, flexibel Weiderbildungsmodeller anzeféieren, fir datt sech d'Auxuliares-de-vie zum Aide-soignant kënnen weiderbilde loossen? Wa jo, wëll d'Madamm Minister konkret virgoen, fir dëst ëmzesetzen?*

An deem Sënn gëtt och envisagéiert sougenannte Passerellen ze erméiglechen tëschent de verschiddenen Fleegeberuffer fir de Professionellen eng Evolutioun an hirer Carrière ze erméiglechen.

*6.Huet d'Madamm Minister allgemeng e Konzept, wéi si an de nächste Joren där steigender Demande no qualifizéiertem Fleegepersonal wäert k!ennen nokommen? Wéi kann dës Erausfuederung ugaange ginn, ouni d'Fleegepersonal, dat jo och Rou- a Recuperatiounszäite brauch, mat ëmmer weidere Permanencen ze belaaschten?*

Et ass eng Prioritéit vum Accord de coalition fir d'Attraktivitéit vun de Gesondheetsberuffer ze stäerken, also och vun de verschiddenen Qualifikatiounen am Fleegeberäich. Dëst geschitt ënner anerem duerch eng Modernisatioun vun de Berufsbiller mat enger adaptéierter Kompetenzbeschreiwung, sou wéi och duerch eng Vilfalt vu Kommunikatiounsaktivitéiten wéi zum Beispill iwwer den Internetsite *www.healthcareers.lu*, eng Präsenz op der Schoulfoire respektiv Kontakter mat den services d'orientation.

*7.Wat fir Piste wëll d'Regierung an deem Sënn vum Auxiliaire-de-vie nees opzewäerten a méi attraktiv ze maachen?*

D'Aktiounen déi beschriwwe goufe gi weider en place gesat, évaluéiert a gegeebenefalls adaptéiert.

Lëtzebuerg, den 29. Februar 2024

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez